N° 4044
Entrée le 05.05.2026
Chambre des Députés

Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 05.05.2026
Chambre des Députés



Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 05/05/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Sozialversécherung, Finanzen & Digitalisatioun weiderzeleeden.**

Am Kader vun der Digitalisatioun vun de Verwaltungsdéngschtleeschtungen sinn an de leschte Joren eng Rei Fortschrëtter gemaach ginn, fir Entreprisen online Zougang zu hire Verwaltungsdaten ze ginn. Sou verfügen d'Employeuren zënter Oktober 2025 iwwer en Zougang zu hirem Cotisatiounskonto beim Centre commun de la sécurité sociale (CCSS) via de professionellen Espace op MyGuichet.lu, an d'Assujettéierter zur TVA kënnen hire Kontosaldo en Echtzäit iwwert d'eTVA-C-Applikatioun vun der Administration de l'enregistrement, des domaines et de la TVA (AED) consultéieren. Et bestinn awer nach wesentlech Lücken.

Bei der CCSS gëtt de Saldo, deen op MyGuichet.lu ugewisen ass, just eemol de Mount aktualiséiert, am Zesummenhang mat der Emissioun vum Extrait de compte fir dee Mount. Tëscht zwee Extraite kann en Employeur, deen eng Bezuelung mécht, dofir net online iwwerpréiwen, ob dës vun der CCSS korrekt verbucht gouf, wat de prakteschen Notze vun dësem Tool wesentlech aschränkt.

Bei der Administration des contributions directes (ACD) ass d'Situatioun nach méi problematesch: Entreprisen an Independantë verfüge bis dato iwwer keng Méiglechkeet, hire Steiersaldo — weder Steierscholden nach Steierkreditter — online an an Echtzäit ze consultéieren. Dës Fonctionnalitéit feelt komplett op MyGuichet.lu, obwuel d'ACD schonn aner Fortschrëtter am Beräich vun der Digitalisatioun gemaach huet, wéi zum Beispill d'Méiglechkeet, d'Steiererklärung elektronesch anzereechen.

Als Vergläich dozou erlaabt d'eTVA-C-System vun der AED den TVA-Assujettéierten, hir Kontosituation en Echtzäit anzegesinn, woubäi de Saldo den Zoustand vum leschten Aarbechtsdag reflektéiert. En

piraten.lu

PIRATEN

änleche Standard sollt och fir d'Sozialcotisatioune bei der CCSS an d'Steiere bei der ACD ugestrieft ginn, fir eng kohärent a modern Verwaltungsstruktur fir all Entreprisen ze garantéieren.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Firwat gëtt de Saldo vum Cotisatiounskonto op MyGuichet.lu just eemol de Mount aktualiséiert, wärend Bezuelungen zu all Moment vum Mount kënne geleescht ginn, a wéini ass eng méi frequent Aktualiséierung geplangt?

2. Firwat verfüügt d'ACD bis dato iwwer keng Fonctionnalitéit, déi et Entreprisen a Steierflichtegen erlaabt, hire Steiersaldo online ze consultéieren, a wéini ass geplangt, dës Lück ze schléissen?

3. Wéi eng technesch oder organisatoresch Problemer verhënneren aktuell bei der CCSS eng méi héich Aktualiséierungsfrequenz a bei der ACD d'Aféierung vun enger Echtzäit-Consultatioun — handelt et sech dobäi ëm Aschränkungen, déi mat den internen Informatikssystemer, mat der Interoperabilitéit mat de Bankesystemer oder mat anere Faktore verbonne sinn?

4. Wat schwätzt aktuell dogéint, dass d'TVA an Zukunft och iwwert de MyGuichet.lu kéint zougänglech gemaach ginn?

5. Gesäit d'Regierung eng koordinéiert Approche tëscht dem CTIE, der CCSS an der ACD vir, fir Entreprisen a Steierflichtegen eng zentraliséiert Consultatioun op MyGuichet.lu ze erméiglechen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten

Chambre des Députés